Remise solennelle

des Diplômes de Maîtrise

des Diplômes de la Promotion du Travail

dans le secteur de l'Artisanat

# Allocution de Monsieur Tom OBERWEIS, Président de la Chambre des Métiers

Luxembourg, le 30 juin 2024

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG

Altesse Royale,

Madamm Minister vun der Gesondheet an der Sécurité Sociale Martine Deprez

Här Educatiouns-Minister Claude Meisch

Här Aarbechts-Minister Georges Mischo

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert

Léif Lauréaten

Léif Éieregäscht

Leif Frënn vum Lëtzebuerger Handwierk,

Haut ass e Rendez-vous am offizielle Kalenner vun der CDM, op deen ech mech all Joer ganz besonnesch freeën.

An enger Zäit wou et ville jonken an och manner jonke Mënschen un berufflecher an och privater Orientéierung feelt, gesinn ech op der Remise vum Brevet de Maîtrise, eng ganz Rei Fraen a Männer, déi zwar nach am Ufank vun hirer Carrière stinn, an trotzdeem - an engem gewësse Sënn - beruflech scho fest am Suedel sëtzen.

Dofir……..Leif Lauréaten,

Vun hei aus, am Numm vun ons alleguer:

- **FELICITATIOUNEN** fir Är Reussite!
- **BRAVO** fir Ären Engagement,

Altesse Royale,

Dir éiert haut **87 Lauréaten** vum Brevet de Maîtrise a **54 Lauréaten** vun der Promotion du Travail. Si hunn ee besonneschen Effort gemaach an si hunn eng besonnesch gutt Leeschtung erbruecht: **17 vun hinnen** am Brevet de Maîtrise an **37 vun hinnen** am Apprentissage.

Duerch Äre Geste, Altesse Royale, schenkt Dir deene jonken Leit Äert Vertrauen.

Duerch Äre Geste erënnert Dir si un hir **Responsabilitéit** an och un hier **Solidaritéit** géigeniwwer deene Jonken, déi no hinne kommen.

Fir **Äeren Asaz** am Déngscht vum Handwierk a vun der Wirtschaft, a besonnesch am Déngscht vun deene Jonken, déi d'Zukunft vu Lëtzebuerg mat Wäerte gestalten -- Iech ee ganz groussen **MERCI**!

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Laureaten déi mir haut éieren hu bewise wat een erreeche kann, wann ee "**Courage**" bei der schoulescher an der beruffflecher Leeschtung beweist.

Sie weisen ons, wat d'Handwierk ass: ee Sekteur deen **am Mëttelpunkt vun onser Gesellschaft** verankert ass an deen **e Pilier fir Diversitéit an Integratioun duerstellt.**

"***De Courage steet am Ufank vun all Wee, deen een aschléit. D'Gléck steet um Enn.***" sot de griecheche Philosoph Demokritos.

Et ass wouer: all Ufank erfuerdert Courage. Well nei ufänken oder een neien, aanere Wee aschloen, heescht, sech op een onbekannten Terrain woen. Mee just wann een dat "Aalt" lassléisst, kann een no dem "Neien" gräifen.

Well **an deem "Neien" stécht d'Zukunft**.

Den "**Oser entreprendre**", d'Wichtegkeet vum **Initiativgeescht -** am privaten Handelen a besonnesch am professionellen Emfeld - sinn am Liewe wesentlech.

Ech schwätzen aus eegener Erfarung, wann ech soen, datt et een gutt Gefill ass, sech selwer eppes opzebauen!

Et ass eng Freed **jonk Leit auszebilden** an hinnen de Bagage fir hiren beruffflechen Wee mat ze ginn. Et mécht een zefridden, déi **eegen Iddien ëmzesetzen**. Dat - an nach vill méi - ass dat "**Gléck**", wat **um Enn vu couragéierte Decisiounen** steet.

Ech well Iech Courage maachen, léif Lauréaten, een Schratt weiderzegoen, sief et an dem's dir **méi Verantwortung** an engem Betrib iwwerhuelt oder **Iech selbstänneg maacht**.

Egal op wéi engem beruffflechen Wee, sinn fir Meeschteschen an Meeschteren aus dem Handwierk, **d'Perspektiven gutt.** Well fir Defis an de Beräicher Energie, Klima, Wunnengsbau, Infrastrukturen, brauch ons Gesellschaft d'Handwierk.

A matt dem Wellen är Iddien ze realiséieren sidd dir de **"Gestalter" vun Ärer Zukunft**.

Léif Inviteeën,

D'Handwierk steet ganz bewosst fir **Wäerter**, déi fir ons Gesellschaft vu ganz grousser Bedeitung sinn: **Oppenheet, Toleranz, Dialogbereetschaft, Solidaritéit an Akzeptanz**.

Eis demokratesch Gesellschaft baut op dës Wäerter.

Eis Betriber agéiere mat **Motivatioun** a **Verantwortung** a gi mat **Risikobereetschaft** un d'Saachen erun. Si bidden eng wichteg Stäip an dësen Zäiten, déi vun **Onsécherheet** a **groussen Erausfuerderunge** gepräägt sinn.

D'Handwierk vereent, op der enger Säit, **d'Bestriewe no Proximitéit** an d'Verbonnenheet mat dem Standort. Op der anerer Säit, steet d'Handwierk och fir **Weltoppenheet an Diversitéit**.

Dat si fir ons **keng Géigesätz**. Dat si grad d'Grondlage vum handwierklechen Erfolleg. An onsem Secteur spillt et **keng Roll, wou een hierkënnt**. Wat zielt ass dat, **wat een erreeche well**.

Mais leider liewe mir aktuell an **enger komplexer a krisegerëselter Welt**. Ze vill Mënschen si duerch gesellschaftlech Diskriminéierung a Spaltung veronséchert oder spieren sech perséinlech ugegraff. Ons handwierklech **Familljebetriber** sinn oft de Milieu, wou dës Mënschen eng **Integratioun** erliewe kennen.

D'Handwierk wennt sech decisiv géint all Form vun Hetz a Radikaliséierung an ënnersträicht säi Respekt fir seng Beschäftegt, **an dat onofhängeg vun hiren Originnen**. D'Diversitéit an den Zesummenhalt ass d'DNA vum Handwierk. Dëst ass ee Garant fir Leeschtung, Kreativitéit an Innovatioun.

Fir datt ons Gesellschaft déi sëllegen Erausfuerderunge kann ugoe brauche mir Zesummenhalt a keng Demokratie feindlech Stréimungen, déi vill Leit - a speziell jonk Leit – veronsécheren.

Respekt ass d'Fundament vun enger gutt funktionéierender Demokratie - Stéchwuert "**Sträitkultur**" op Basis vun **Argumenter**, net vu Fake News oder vu populistesche Parolen.

Dofir ass et wichteg, dat **d'Politik** nei Chancen a Weeër opweist, d'Problemer ugeet a Vertrauen an d'Zukunft schaaft. D'Bereetschaft fir Reformen, d'Schaafen vun Fräiraum fir den Entrepreneuriat, eng kloer Kommunikatioun an **een Narrativ deen Courage mécht**.

D'Handwierk hëllt **sozial Verantwortung** wouer, andeems de Betrib seng Mataarbechter an de Mëttelpunkt stellt. Besonnesch awer duerch d'Offer vun enger grousser Unzuel vun Ausbildungsplazen, duerch d'Hëllef vu jonke Leit bei der beruflecher Orientéierung an den Invest an d'Weiderbildung vun de Mataarbechter.

Dir Damen an dir Hären

"**Initiativgeescht**" geet Hand an Hand mat dem "**Volontariat**", deen am Handwierk wäit verbreet ass, a vill verschidde Formen unhëlt.

Mir si houfreg op de **Volontariat am Apprentissage an am Brevet de Maîtrise**, speziell op all eis Handwierker an Experten, déi sech an den Examenskommissiounen an als Chargés de cours investéieren. Op dëser Platz soen mir Iech all "**ee groussen Merci**" fir Är **Motivatioun** an Ären **Asaz** am Déngscht vum Handwierk an domadder och vun onser Gesellschaft. Et ass Ärem **Engagement** ze verdanken, dat de Brevet de Maîtrise an den Apprentissage ee wichtege Stellewäert zu Lëtzebuerg huet an a Zukunft wäert behalen.

Léif Inviten,

Nach ofschléissend ee Wuert zu der **Bildungspolitik zu Lëtzebuerg**.

Si berout op engem **staarke Partenariat** zwëschent dem Educatiounsministère an de Beruffschamberen, wat eng breet Diskussioun am Konsens erméiglecht.

An Zukunft ass och hei den **Innovatiounsgeescht** gefuerdert, fir verschidde Weichen am Bildungswiesen nei ze stellen. Well och d'Bildungspolitik muss sech stänneg un déi nei Erausfuerderungen upassen.

Am Brevet de Maîtrise ass dat am gaangen ze geschéien, **am Kader vun engem ambitiéisen Reform Prozess.**

Den Basisusaatz ass **d'Zesummeleeë vu méi Aktivitéiten** an engem Brevet, mam Ziel de Besoinen an den Erausfuerderungen um Terrain besser gereecht ze ginn.

Déi qualitativ héichwäerteg Formatioune ginn de Meeschteschen a Meeschteren eng **méi eng breet opgestallte Qualifikatioun an Wëssensbasis**, wat hinnen een gréissere Bagage gëtt -- dëst besonnesch an dëse schwieregen Zäiten.

Seng ganzheetlech Approche a säi ganzheetlechen Usproch maachen aus dem Brevet de Maîtrise **eng eenzegaarteg Formatioun**. Meeschteschen a Meeschtere **sinn dofir gefrot a gesicht**.

Léif Alleguerten,

Zum Schluss nach puer Mercien.

Merci all deenen, déi eise Laureaten wärend hirer Formatioun zur Säit stoungen: den Patronen an den Enseignanten, den Elteren an den Partneren. Et ass haut och hir Feier.

Merci all deenen, déi zum Oflaf vun dëser Feier bäidroen:

- dem Camille NEY fir d'Animatioun ;
- der Brass Band "Drop & Dowidder" fir déi musikalesch Begleedung ;
- der Fédération Horticole Luxembourgeoise fir déi prachtvoll d'Blummen-Dekoratioun;
- der Stad Lëtzebuerg an de Responsabelen vum Neien Theater fir déi exzellent Zesummenaarbecht,
- an der ganzer Equipe "Brevet de Maîtrise" vun der Chambre des Métiers.

No deem offiziellen Deel vun onser Feier, invitéiert d'Chambre des Métiers op eng Receptioun. Verantwortlech dofir ass d'« Confédération Liewensmëttelhandwierk », där mer op dëser Platz Merci soen.

Ech soen Merci fir d'Nolauschteren!